N°3901
Entrée le 19.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Justizminister, Elisabeth MARGUE, a vum Här Wirtschaftsminister, Lex DELLES, op d'parlamentaresch Fro n° 3901 vum 9. Abrëll 2026 vum honorabelen Deputéierten Sven CLEMENT iwwert "Donatioun vu Stol".**

1. **Wéi eng konkret Mechanisme stinn der Lëtzebuerger Regierung an de Justizautoritéiten zur Verfügung, fir z'iwwerpréiwen, ob d'Praktike vu lëtzebuergesche multinationale Konzerner am Ausland potenziell géint national oder international Anti-Korruptiounsbestëmmunge verstoussen?**

De Code pénal stellt a sengen Artikelen 246 bis 249 verschidde Forme vun aktiver a passiver Korruptioun, souwéi den Aflosshandel (trafic d'influence), ënner Strof. Den Artikel 252 beseet des Weideren dass dës Artikelen sech och applizéieren, wann auslännesch staatlech Autoritéiten an dës Strofdoten impliz éiert sinn.

Domat verfüügt Lëtzebuerg iwwert ee kloer definéierte legale Kader fir d'Bekämpfung vun der Korruptioun, deen och grenziwwerschreidend Faiten erfaasse kann. Ob a konkrete Fäll eventuell strofrechtlech Aspekter virleien, ënnerläit am Kader vun der Gewaltentrennung der Justiz ze beurteelen.

Lëtzebuerg huet des Weideren d'Konventioun iwwer d'Bekämpfung vun der Bestiechung vu friemen ëffentleche Beamten am internationalen Handel („Convention sur la lutte contre la corruption d'agents publics étrangers dans les transactions commerciales internationales") vun der Organisatioun fir wirtschaftlech Zesummenaarbecht an Entwécklung (OCDE) ratifizéiert a bedeelegt sech doriwwer eraus aktiv un den Evaluatiounsmechanisme vun de Memberlänner, déi an dësem Kontext stattfanne.

2. **Plangt d'Regierung, am Kader vun hire reegelméissegen Echange mat der Direktioun vun ArcelorMittal, offiziell Erklärungen zu dësem Virfall ze froen, fir sécherzestellen, datt déi intern an extern Ethik- a Compliance-Reegele strikt agehale ginn?**

D'Regierung huet e reegelméissegen Austausch mat ArcelorMittal, dee meeschtens am Kader vun der Stoltripartite respektiv vun de Reunioune stattfënnt, an deenen de Suivi vun der Ëmsetzung vun der Stoltripartite gemaach gëtt. Dësen Austausch huet als Zil, ze garantéieren, datt d'Moossname fir den Erhalt vun den Aarbechtsplazen an och fir d'Investissementer weidergefouert ginn an un d'Situatioun vun de lëtzebuergesche Wierker ugepasst sinn.

Wat d'Ethik- a Compliance-Reegele betrëfft, ass et natierlech d'Erwaardung vun der Regierung, datt ArcelorMittal seng Verantwortung wouer hëlt fir lafend intern ze iwwerpréiwen, datt dës agehale ginn.

Lëtzebuerg, den 19. Mai 2026

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue